N° 8096
Entrée le 20.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.06.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Ëffentlechkeet gouf rezent iwwert d'Press informéiert, datt den Här Wirtschaftsminister relativ héich "Spesenrechnungen" iwwert säi Ministère finanzéieren gelooss huet.

Wann een ënnert dem "bénéfice du doute" seng Ausso unhëlt, datt et sech dobäi em "Aarbechtsiessen" gehandelt huet, stellt sech awer follgend Fro :

1) Wann en Independant oder eng Firma op hir eege Käschten(!) en Aarbechtsiesse bezuelen, kréien se systematesch vum Steieramt matgedeelt, hiren eegenen Deel un deem Iesse wier net emol steierlech ofsetzbar an si kréien op deen Deel vun där Depense eng "reprise privée". Ass d'Madamm Finanzminister der Meenung, datt am Fall wou de Staat, also d'Bierger, esou Speese bezuelen, de betraffene Minister net op mannst misst eng quote-part als "avantage en nature" besteiert kréien?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

N° 8096
Entrée le 20.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro no° 8096 vum 20. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Roy REDING iwwert den "avantage en nature" bei Ministeren.

Ewéi vum honorabelen Deputéierten Roy Reding a senger Ufro festgestallt, stëmmt et, datt eng *Reprise privée* am Alinea 7 vum Artikel 48 vum Akommesteiergesetz vun 1967 (LIR) virgesinn ass. Dës appliziéiert sech awer nëmmen u gewëssen Typpe vu Revenu, an zwar fir e „*Bénéfice commercial*", e „*Bénéfice agricole et forestier*" oder e „*Bénéfice provenant de l'exercice d'une profession liberale*" (No. 1 bis 3 vum Artikel 10 LIR).

Engem Minister säin Traitement fält awer a keng vun dësen dräi Kategorien. Et handelt sech hei em e „*Revenu net provenant d'une occupation salariée*" (No. 4 vum Artikel 10 LIR/Art. 95 LIR). An deem Kontext ass keng Reprise vun Ausgabe fir Aarbechtsiesse virgesinn.

Ausgabe fir Aarbechtsiessen, sief et am Privat- oder am Ëffentlechen- Sektor, kënnen ob Basis vum Artikel 95 Alinéa 2 LIR net als *Avantage en nature* fir en Salarié respektiv Minister geltend gemaach ginn.

Et ass also festzestellen, dass et keng Differenzen am Traitement tëscht ëffentlechem an privatem Sektor gëtt. Déi Differenzen déi vum Här Deputéierten ugedeit ginn, entstinn doduerch, datt et sech em verschidde Kategorie vun Akommes handelt, déi eben anescht bestëmmt ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes